CAD CONNECT

NEWSLETTER 2011-2

VIRWUERT

Léiw Athletinnen,
Léiw Athleten,

Mat e bëssen Verspéidung kënnt dësen 2. Newsletter vun der Saison 2011 eraus. An dëser Ausgab gëtt et e puer Nouvellen rondrem de Veräin, a mäer kucken um Kalenner wat nach sou vun Evenementer op eis duer kënnt bis an de Summer eran.

Den 2. Mäerz huet den CAD an den CAD-S hier Generalversammlung, an do hoffen mer eis Athleten a Memberen zahlreich begréissen ze kënnen!

Bis dohinn, nach weider e gudde Start an dat neit Joër 2012 an och vill sportlechen Erfolleg!

NEIEN TRAINER

Mam Jean Biever hu mer nees elo offiziell e neien Trainer dobäi kritt, deen eis awer nie esou richteg verlooss hat, an ëmmer an irgendenger Form am Veräin aktiv matt dobäi war - an denen verschiddenste Formen.

De Jheng trainéiert eis Laangstreckelefer, e Beräich wou grad iwwert déi lëschte Méint a Joren ganz vill nei Leit dobäi komm sinn, a wou mer och um nationalen Plang ganz gudd matt halen.

E Bléck an d'gëlle Buch verréit eis, datt de Jheng schons säit 1965 als Athlet a säit 1986 als Trainer am Veräin aktiv ass.

OUSCHTER STAGEN

Schons bal eng Traditioun, awer doduerch nach net selbstverständlech ass, datt den CAD an der Ouschtervakanz an de Stage get.

Och 2012 gi mer op Pietrasanta an Italien, an zwar déi éischt Woch an der Ouschtervakanz.

Parallel dozou ginn eis Laangstreckelefer 1 Woch op d'Insel Texel an Holland, wat sech vum Klima hier bësser egent fir laang Strecken wéi de waarme Süden.

Méi Infoen zu de Stagen gëtt et bei den Trainerinnen an Trainer.

PINO MATTIOLI

Am Oktober ass e laangjäregen an treien CAD-Kolleg, den Jos genannt Pino Mattioli, vun eis gaangen.

De PIno ass 1969 an den CAD dobäi gestouss, an huet matt gehollef den Challenge Interclubs Européen an d'Liewen ze ruffen. Duerno war hien nach am Comité, war Offiziellen an och Terrainwart. 1983 gouf de PIno matt der gëllener CAD-Spengel ausgezeechent.

De Familjen gëllt eis oprichtegt Bäileed!

GENERALVERSAMMLUNG

De Freideg 2. Mäerz 2012 ass ab 19:30 am Centre Hild d'Generalversammlung vum CAD a vum CAD-Supporterklub.

Wéi schons am leschten Newsletter ugedeit, wënscht sech de Komité datt eis Athleten, Elteren vun Athleten a Memberen gudd op der Generalversammlung vertrueden sinn - nëmmen esou kann de Veräin nees besser zesumme wuessen, an och besser fonktionnéieren.

NEI STATUTEN

E Punkt op der Generalversammlung wäert och sinn, dat mer iwwert nei Statuten fir den CAD an den CAD Supporterklub ofstëmmen wärten.

D'Statuten vum CAD ginn zréck op 1932, a goufen revidéiert an de Joren 1959 an 1975. Si entspriechen net méi dem aktuellen Stand, a sollen bei der Gelegenheet och un dat neit ASBL-Gesetz ugepasst ginn.

D'Statuten vum CAD-S stamen aus dem Joër 1967, a goufen 1969 revidéiert.

Fir d'Statuten unzehuelen, mussen 3/4 vun de Leit déi op der Generalversammlung sinn, domatter averstanen sinn - e Grond méi fir massiv den Dag vertrueden ze sinn.

MERCI FRANCE!

Vläicht dene mannsten Athleten an och aneren CAD-Memberen bekannt dierft wuel d'France Espen sinn.

D'France ass am Joër 2006 bei der Gelegenheet vum 75ten Anniversaire an d'CAD Famill dobäi komm, an war bis dohinner méi an der Handball-Szen bekannt, wou hat duerfir awer emsou méi bekannt ass!

D'France gouf beim Ofschlossiessen vum Meeting International (Bommstoussen matt Musék) am Hierscht fir säin aussergewéinlechen Asaatz an dene leschte Joren geéiert.

No senger wäertvoller Matthëllef beim Anniversaire huet hat och beim Top-Héichsprong ganz aktiv matt gewierkt, beim Meeting de l'Inauguration am Joër 2010, an elo d'lëscht Joër beim Bommstouss-Meeting - ouni hatt wier de Meeting bal net méiglech gewiecht.

Duerfir e ganz grousse Merci fir déi vill Aarbecht déi et geleescht huet a fir säi sympathescht an onkomplizéiert Wiesen, an den CAD ka nëmmen hoffen och an Zukunft nach op d'France zréck gräifen ze kënnen.

HAARD TRAIL

Den 8. Oktober hate mer jo eis éischt Editioun vum Haard-Trail, wat e ganz groussen Succès gouf, och wann um organisatoresche Plang doduerch net alles ganz einfach war.

Hate mer mat ca. 100-150 Athleten fir eng éischt Editioun gerechent, hate mer 266 Athleten zum Schluss an der Arrivée, dovunner 23 am Walking.

Enger Emfro no ënnert engem Deel vun de Lefer, waren 91% zefridden a plangen d'näechst Joër erem ze kommen. E puer Schwaachpunkten goufen identifizéiert, a wäerten fir d'Editioun 2012 verbessert ginn. Den Datumm steet schons: Samsdeg, den 13. Oktober 2012!

TRIATHLON SCHWEMM

Endlech kënne mer eisen Triathleten während de Renovatiounsaarbechten am Centre Sportif R. Hartmann och Trainingsméiglechketen ubidden fir déi éischt Disziplin ze trainéiren.

Zesumme mat der Geméng Diddeleng hu mer folgend Lokalitéite kritt:

Méindes steet eis d'Schwemm zu Rodange zur Verfügung, vun 20:30 bis 22:00

Freides steet eis d'Schwemm zu Schëffleng vun 19:00 bis 20:30 zur Verfügung.

ZIELER 2011/2012

De Komité hat sech jo Zieler fir 2011 gesat - verschiddener goufen erreecht, verschiddener awer och net. Sportlech gesinn war de Bilan zefriddestellend. Fir 2012 setze mer eis einfach déi selwescht Zieler, an hoffen se dann alleguer z'erreechen!

TRÄNINGER VUM CAD

SAISON 2011/2012

Kategorie / Alter	Horaire	Deng Träner
Licences Ludiques a Benjamin(e)s (6 - 8 Joër) Stade J.F. Kennedy Turnsall "Centrum" oder "Brill"	Dënsdes an Donneschdes 15h- 16h	**Gaby Gasperini** (Tel 517085) **Josette Thiry** (Tel 521443) **Tessy Costantini** (Tel 26560981)
Débutant(e)s a Scolaires (9 - 12 Joër) Treffpunkt: Stade J.F. Kennedy oder Turnsall "Brill"	Dënsdes an Donneschdes 17h- 18h30	**Roby Krier** (Tel 513947) **Danielle Lorang** (Tel 511651) **Gaby Gasperini** (Tel 517085) **Joe Birchem** (Tel 521332)
Minimes, Cadet(te)s, Juniors a Seniors (13 ans et plus) Stade J.F. Kennedy oder Turnsall "Centrum" oder "Brill" Centre Sportif Hartmann oder Gehaansbierg	Dënsdes, Donneschdes a Freides 19h- 20h30 Sonndes 10h	**Danielle Lorang** (Tel 511651) **Jett Schaeffer** (Tel 517621) **Jäng Paulus** (Tel 446157) Werferträner: **Fernand Heintz** (Tel 326237), **Marc Meyer** (Tel 691 327461) Mëttel- a Laangstreckenträner: **Jean Biever** (Tel 516344) Weider Träner: **Tun Logelin** (Tel 591694), **Jean-Paul Kremer** (Tel 555866) an **Alain Hoffelt**

NEI REKORDER !

Och 2011 konnt eise Multitalent d'**Noémie PLEIMLING** sech nees am Speerwerfen verbesseren.

Den 24. Juni zu St. Mard an der Belscht schéisst hat mam 600g Speer 47.06m: dat ass nei Juniors and Espoirs-Nationalbeschtleeschtung, an Nationalen Rekord bei den Dammen!

Net ze vergiessen nach den Indoor-Rekord vum **Liz KUFFER** am Héichsprong den 29. Januar an der Coque, mat wäit iwwersprongenen 1.76m!

OPRUFF !

De Komité vum CAD sicht nach emmer:

- Leit, déi wëllen als **Träner** eng Hand matt upacken kommen, oder gewëllt sinn an engem **Comité** oder bei engem Meeting um **Terrain** matt ze schaffen
- **Athleten** déi wéilten bei dësem **Newsletter** oder um **Internet-Site** matt schaffen

Bei Interessi mellt Äerch w.e.g. op comite@cadudelange.lu oder um Tel 511651.

CAD KALENNER

22.01	**Cross Le'h Laf, CAD**
28.01	Indoor-Championnater, Coque
04.02	Dussmann Indoor Meeting
11.02	Saar-Lor-Lux Cup, Metz
12.02	Eurocross, Celtic
02.03	**Generalversammlung CAD & CADS**
04.03	Cross-Championnater, Schëffleng
11.03	Postlaf, Amicale P&T
25.03	**Tour de Dudelange, CAD**
21.04	Challenge Tageblatt, Diekirch
21.04	Steeple Championnater, Diekirch
28.04	Interklub-Championnater Jeunes, 1. Daag, Celtic
29.04	**Werfermeeting Zoufftgen, CAD**
29.04	LD-Championnat Duathlon, Holland
01.05	Championnater laang Distanz an Hürden, CSL
05.05	Challenge Tageblatt, Fola
06.05	Interklub-Championnater Jeunes, 2. Daag, Celtic
10.05	LASEL-Championnat
17.05	Coupe de l'Amitié, Elsass
19.05	ING Marathon, CSL & step-by-step
20.05	Challenge Tageblatt, Celtic
26.05	**Meeting ouvert, CAD**
03.06	Challenge Tageblatt, Schëffleng
09.06	Individuell Championnater Jeunes, 1. Daag, CAS
10.06	Individuell Championnater Jeunes, 2. Daag, CAS
23.06	Challenge Tageblatt, CAB
24.06	Interklub-Championnater, 1. Daag, CAEG
27.06	EM, Helsinki (bis 01.07)
30.06	Staffelmeeschterschaften, Fola